103,6     100.3   antenne collective                                   XIV   1

desen Stonn

Ouf a schw Z

D'Geschicht vun der l. Jugend an 2te Weltkrich     IVe journée 1948

An déne leschte Sendungen hate mir iwert d'Commemoratioun's Feieren geschwat
an enner aneren och iwert déi 1-2 an drett journée O.J. bericht.
Mir kucken haut zréck op déi 4. journée 1948 a liesen doriwer an der Revue O.J.
Op Grond vun desen Angaben welle mer awer och analiséieren wéi d'Evolutioun vun
dese Gedenkdég vun Joer zou Joer war.
Während bei dénen 3 éischte journéen d'Metzer Militär Museker schon ~~am Viraowend~~
den Dag virdrun feierlech empfange gouwen, duerch d'Strossen vun der Stad gezu sin
an Owends e Concert op der Place d'Armes gin hun, ass bei dese journée dese Concert
op den Dag selwer owends um 17 Auer op der Place d'Armes gebrecht gin.
Allerdings war Freiden den 27 August owend's um 19 Auer eng Usprooch vum Présiden
vun der Ligue Arthur Steil ~~iwert~~ op Radio Lëtzebuerg
Samschdes dann den 28, August fängt d'journée mat enger feierlecher Mass an
der Kathédral un. Och dest Joer sin d'Ambassadeuren aus Frankreich, Belgien, England
Amerika, Polen an Holland an der Kathédral. Vu Lëtzebuerger Sait d'Ministeren
Bech, Schaus, Hentgen, Frieden a Schaffner. Delegatiounen vun Stater Gemengerot, den
Direktiounen vun Staatsbetrieben, de Resistenz organisatiounen an natierlech d'Familjen
vun ousen National Helden, de Gefälenen a Vermissten.
No dem feierlech Gottesdengscht begleet d'Metzer Militärmusek d'Delegatiounen an
Membren vun O.J. bei de Monument du Souvenir, also d'Gëlle Fra, wo vum dem Central-
Comité e Kranz néergeluecht gett.
Vun hei'aus gett et weider op de ~~Kirfecht~~ Lampertsbierg wo beim Hinzerter Kräiz vum
Kirfecht och e Kranz deponéi'ert gett.
Am Nomëttag formei'ert sech um 15 Auer den grousse Défilé, geht duerch d'nei Avenue
laanscht d'Ehrentribün bei der Arbed, Boulevard Royal, Grossgaass op d'Place d'Armes

XIV 2

Am Bericht an der Zeitung O. J. ~~gëtt~~ fällt et op dass dest Joer keng Zuel mé genannt gët iwwer ~~dë~~ d'Partizipanten, während bei der 1. + 2. Journée vu 5000 Jonge Rieds gëtt an bei der 3ter vun 1/2 Zig dausenden. Dozou awer en Auszug aus dem Lussert seng Rubrik Fatzen a Splenteren wo hien schreiwt:

So'guer dén gre'ssten Zweiwler huet missten zo'gin, dat ons Journée eso' ausgefall war, we' et sollt sin. Dat en Dél vun eisen Jongen vum E'sleck an Musel net konnt do sin, well just de' Dég d'Sonn e bëssen geschengt huet, an sie hir Arbecht dohém hu missen mâchen, hun sie gerad eso' gudd bedauert we' mir! Mir sin dofir awer net be's matenén.

Ons Journée war en Erfolleg, an zwar an zwo' Hinsichten: E'schtens hu mer bewiesen, dat mer nach émol dostin ewe' d'ânert! Zwétens awer huet et sech erausgestallt, dat eis Démonstratio'n vum 27. Abrël — no lânger Zeit vleicht, mais trotzdém — hir Wirkong net verfélt huet!

Interessanten Weis wëlle mer awer bei en ~~aneren~~ Auszug aus dem Bericht iwwert der Journée ~~dén~~ bréngen dén e ganz aneren Aspekt beliicht.

Während durch die Strassen unserer Hauptstadt ein Autobu mit Kriegs-Verstümmelten fuhr, während die Vertreter einer kriegsgeschädigten Jugend marschierten, diskutierte in Stockholm der Kongress der noblen Rot-Kreuz-Organisation über eine mögliche «Humanisierung» des Krieges. Alle Nationen werden aufgefordert, den Gebrauch von Gasen und ungezielten Waffen zu verbieten. Die Bakterien-Kriegführung und der Gebrauch der Atomenergie zu Kriegszwecken sollen durch Gesetz verboten werden.

Desen Auszug ohne Kommentar laut 50 Joer a méi no deser Zeit.

Um 16 Auer war dunn déi gross Manifestatioun am Cercle.
Geschwat hun als 1. de Jeesch an d'Chamber gewielten a jéngsten Députéierten Romain Fandel General Sekretär vun der L. O. J. No him den Här Conrad General Sekretär vun der Elteren bewegung, dém seng Ried bei der 3ter Journée O. J. mir integral bei op Radio Diddeleng bruecht haten. Hant e puer treffend an nodenklech Auszich aus dem Bericht iwwert seng ~~#~~ Ried 1948; also méi wéi 3 Joer no Krichsenn.

14 000 junge Luxemburger wurden von der Wehrpflicht-Verordnung Gustav Simons betroffen, tausende wurden Refraktäre, kämpften im Maquis oder der armée blanche. Wir müssen aber auch das stille Heldentum jener Tausende junger Menschen bewundern, die in die infernalsten Schlachten zogen, um ihre Eltern vor der Umsiedlung zu bewahren.

Im April 1945 «en présence de l'inertie des autorités» wurde die Eltern-Organisation gegründet. Im Herbst fuhr Herr Aussenminister J. Bech nach Warschau, konnte jedoch nicht die Hoffnungen der Eltern realisieren. 1946 war die Elternvereinigung auf ihre eigenen Mittel angewiesen. In skandalöser Weise vernachlässigten die Behörden das Rapatriement. Erst gegen Mitte 1947 wurden die Eltern von den zuständigen Stellen unterstützt. In manchen Fällen sollte die Hilfe zu spät kommen.

Dann léscht et weider

1898 junge Luxemburger sind augenblicklich noch vermisst. Energisch verlangt die Elternvereinigung, dass endlich Klarheit geschaffen wird.

Dank den Bemühungen der Sowjetbehörden und unseres Gesandten in Moskau, Herr René Blum, konnten bisher 838 junge Luxemburger rapatriiert werden. Die Eltern unserer vermissten Kameraden hoffen, dass noch vor dem Winter grössere Gruppen aus der Sowjetunion zurückgeführt werden können.

an da weider

Ein nächstes Mal fordert di E. V. die Regierung auf, bei de Sowjet-Regierung zu intervenie ren, damit die lux. Kriegsgefan genen zumindest mit ihren Fa milien im Grossherzogtum i Briefwechsel treten können.

Esou wait de Bericht iwert déi 4 journée O.J. Samschdes den 28 August 1948. XIV 3

E'r mer elo op dei 5. J.O.J. 1949 kommen e puer Täkt Musék.

Déi 5 journée OJ war Sonndes den 28 August 1949.

De Programm gesait so: Samschdes den 27 August um 12.20 iwer Radio Lëtzebuerg
eng Allocutioun vum Jean Gremling, neie President vun der L.OJ., den also
de Grennongspresident a bis am Läf vum Joer 1949 President, Artur Steil
ofgelést

Sonndes den 28 August um 10 Auer Rassemblement vun den Delegatiounen vun
allen Sektiounen mat Fendelen bei der Gëlle Fra.

um 10.30 Auer ~~Feierlech~~ Feierlech Gedenkmass a Präsenz vun de Staats a Gemengenautoritéiten

11.30 Auer Gedenkfeier beim Monument du Souvenir mat Kranzniddersleeung
an Usprach vum Jos Wollfahrt, Vize-President vun der L.O.J.

12.15 Auer Gedenkfeier beim Hinzerter Kräiz mat Kranzniddersleeung an Usprach
vum ~~Fred Wetter~~ Romain Fandel Generalsekretär vun der Ligue, ~~Member vum Comité-Central~~.

Mir gesin also bei desem Programm vun der 5ter J.O.J. e grossen Ennerscheed mat dém
vum Joer virdrun: keng 2 Deeg mé – keng auslännesch Militär Musek, ~~an och~~
~~keng Inlännesch~~ jhust, déi E'chter Harmonie, déi de Cortège vun der Gëlle Fra bis an d'Kathédrale gefouert huet – kén Defilé mé am Nomëtteg a keng Manifestatioun am Cercel.
Natierlech kunnen och keng dausende mei vu Jongen derbei sin, mä jhust noch
Délégatiounen vun de Sektiounen, déi awer esouwuehl d'Platz bei der Gëlle Fra gud föllen
wé och beim Hinzerter Kräiz

Et gesait én an et spiert én un der Organisatioun vun der J.OJ wé déi gross L.OJ lues a lues
zerbréckelt. ~~Iwert~~ D'Ursaachen iwert den Zesummefalen kenne mir eng Keer am Kader vun dese Sendungen aneenzéien.

Déi 6 J.O.J. war ~~den~~
Mëttwochs den 30 August 1950.

Um Virowend huet de Jos Wollfahrt Vize-Président vun der L. op Radio Lëtzebuerg geschwat.
Mëttwochs huet Radio Lëtzebuerg eng Ried vum Jean Gremling President iwerdroen.
Kéng feierlech Mess mé, ké Cortège, keng Invitatiounen un d'Memberen ze partizipéieren,
jhust eng Declaratioun an der Zeidung O.J. vum Sept 1950.
Samschdes den 2. September leet eng Délégatioun vum C.C. Blummen bei d'Hinzerter Kräiz.

Dat war dei 6 a lescht J. O. J. dei vun der L. Oj. organiséiert gouf a bis d'Relève vun der ~~dei~~ nei gegrënnte Fédération der V. d. N. e d f am Joer 1961 ~~1950~~ gestellt gouf

Des Journée Commémorative war zou Esch-Uelzecht den 31. August 1961